



27.12.2022

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 5

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Léif Participant'en, Chef an IST,

an dësser Newsletter fannt dir Informatiounen zum Prépa-Weekend,
ären Unitleader an zu den leschten Rechnungen.

**Ganz wichteg: et ass och ee Formulaire auszufüllen mat Infoen déi
Organisateuren brauchen!!**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

1. Formulaire iwwert perséinlech Donnéeën

Mir kruten schonns vill Informatiounen vun iech mee leider geet dëst nach net duer. Et gi nach Informatiounen iwwert är méiglech Allergien, déi richteg Nimm um Pass, ären Kontaktpersonen, är lessgewunnechten, etc. gefrot.

D'Ausfëllen vun folgendem Formulaire ass **obligatoresch an eng Viraussetzung** fir mam Lëtzebuenger Kontingent a Korea ze reesen (gëtt beim Erstellen vun de Flugticketen an den Identitéitskaarten vum Camp gebraucht). Den Formulaire fannt dir [hei](#).

Mam ofschécken vum Formulaire gitt dir dem CMT Erlabnis dës Donnéeën un Organisatioun vum Jamboree weider ze ginn.

Deadline fir d'Ausfëllen vum Formulaire ass **den 15. Januar 2023**. D'Ausfëllen dauert eng Zäitchen. Mir bieten iech genuch Zäit ze huelen fir dëst an aller Rou ze maachen, aus organisatoreschen Grënn ass et nämlech enorm wichteg, dass mir iwwert Nationalitéit, Allergien, gesondheetlech Problemer asw. vun jidderengem Bescheed wëssen. Merci fir är Mataarbecht!

2. Préparatiounsweekend:

Den Weekend fänkt Samschdes den 15. Abrëll um 09h00 Auer un an dauert bis Sonndes den 16. Abrëll 12h00 Auer zu Mondorf am Chalet vun den Munnerefer Mais.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Deelhuelen fir Participant & Chef **ass obligatoresch**. A kléngen Atelierien leiert dir d'Fonktionnement vun engem Jamboree, déi koreanesch Kultur, är Leader an den CMT souwéi d'Participant'en, déi bei iech an der Unit sinn kennen.

IST müssen net den ganzen Weekend dobäi sinn, mee müssen Samschdes an e puer Atelier'en Deel huelen.

Genee Informatiounen kommen hei no.

3. Finaalt Bezuelen an Bezuelen Norees

Déi läscht Rechnung fir den WSJ kënnt am Januar (ouni Newsletter dobäi) an ass bis den 1. Februar ze bezuelen. Wéi och déi Rechnungen virdrun, sinn dës entweder Individuell oder iwwert de Grupp ze bezuelen.

D'Rechnung fir d'Norees ass fir den 1. Abrëll ze bezuelen. Hei gëtt eng separat Rechnung un Gruppen a Leit ausgestellt wou fir Norees ugemellt sinn.

Bezuelet w.e.g. eréischt wann dir vun eis eng Rechnung kritt hutt!

Ab dem 01/02/2023 kënnen mir iech am Fall vun enger Ofmeldung keng Suen méi zeréck iwwerweisen. Mir müssen domadder ons lafend Käschten (Fligerticketen, WSJ, Gadgeten) bezuelen, déi mir bestallt hunn, op Grond vun den Umeldungen déi mir lo haten. All Ofmeldungen gëtt cas par cas vum CMT gekuckt a muss begrënnt sinn fir eventuell nach Suen zeréck kënnen ze kréien (déi nom Bilan vum WSJ ausbezuelet gi).

SCOUTING IN LUXEMBOURG

4. Informatiounen Unit Leader

Mëttlerweil missten all Participante vun hirem Unit Leader kontaktéiert ginn sinn, an wëssen wien hier Chef sinn an, an wéienger Unit sie sinn.

All Unit huet eng Eltereversammlung an Aktivitéit zesummen an der Unit. De Kontakt leeft hei iwwert de Unit Leader. Mellt iech bei der Persoun wann dir froen hutt. Falls dir nach net vun ärem Unit Leader sollt kontaktéiert gi sinn, dann iwwerpréift äre Spam an déi E-Mail Adress, déi dir bei der Umeldung uginn hutt. Falls dir keng E-Mail krut an als Participant fir den Jamboree ugemellt sidd, da mellt iech w.e.g. beim CMT op cmt@wsj2023.sil.lu.

5. Material

Vue dass mir allegueren mat engem grouse Rucksak am Fliger fléien, empfeelen mir iech ee sougenannten flight bag ze kafen, wou een de Rucksak kann dra maachen, esou dat dëse net beschiedegt gëtt. Dës Flight bags kritt een an allen gängegen Geschäfte ze kafen wou een och Outdoor/Wander Saachen ze kafen kritt.

6. Congé jeunesse

All Erwuessenen (> 18 Joer), deen schafft, huet d'Recht op Congé Jeunesse, wann e mat Kanner a Jugendlecher ënnerwee ass. Dëse sollt am beschten am Ufank vum Joer ugefrot gin a muss virum 15. Abrëll beim CMT ofginn sinn. Mir gi d'Demanden dann zesummen un den SNJ weider fir dass d'Demanden all duerch gi.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Wann dir Congé Jeunesse braucht, da mellet iech beim Pit (hoc@wsj2023.sil.lu). Hien schéckt iech de Formulaire a kann iech déi néideg Informatiounen gin.

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuurger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2023 fannt dir ënnert :

<https://wsj2023.sil.lu>

[Facebook](#)

[Instagram](#)

Bei weideren Froen, zéckt net eise ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuurger Contingent,

Pit & Tahr

Heads of Contingent